Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Dezember 2020 LII/4

El Salvador - Luxembourg

D'Kanner aus dem Kannerhaus Amor y Esperanza vu Santa Ana,
d'Personal vun der Fundación La Sagrada Familia,
den Abbé Henri Gloden,
an d'Membere vum Conseil vun der Fondatioun Lëtzebuerg-El Salvador

wënschen hire Frënn an Donateuren
eng besënnlech Chrëschtzäit
an e glécklecht Neit Joer 2021!
Feliz Navidad!

Léif Lieser,

Mir wollten Iech emol e bëssche méi detailléiert iwwert déi Atelieren, déi zum Kannerhaus gehéieren, schwätzen. Eise Kolleg Guy Scholer huet déi Aktivitéit vun 2019 ënnert d'Lupp geholl. Hei, wat hien eis zerziele weess:

En Haaptbestanddeel vum Kannerhaus sinn d'**Atelieren** (Talleres Vocacionales). Si bidden de Jongen a Meedercher vu Santa Ana eng Plaz, wou si an hirer schoulfräier Zäit kënnen hir Talenter entdecken, Erfollegsmomenter erliewen, hir Fähegkeeten entwéckelen an eng Orientéierung kréie fir e spéidere Beruff. An déi 9 Atelieren hun sech am Joer iwwer 350 Jonker an och e puer Erwuessener ageschriwwen, woubäi déi meescht méi ewéi een Atelier besicht hunn. Am Duerchschnëtt hunn eng 15 Leit pro Atelier matgemaach. Der Popularitéit no waren dat: Molen an Zeechnen, Musek, Informatik, Dëschtennis, Schräinerei, Fer forgé, Baken, Kachen a Bitzen. D'Zesummenaarbecht mat der Dëschtennisfederatioun huet et erlaabt, den neien Atelier opzeman.

Zwee mol am Joer, den 29. Juni an den 30. November, gëtt eng *„Feria de Logros"* (Fest vum Erfolleg) organiséiert. A Presenz vu ville Gäscht ginn d'Resultater vun den Ateliere virgestallt: e Concert mat Gesank an instrumentaler Musek, eng Ausstellung mat den Zeechnungen, Molereien, Platen, Gebäck, Dekoratiounssaachen aus Holz an aus Eisen, Kleeder an aner Textil-Artikelen, an eng Demonstratioun vun den Dëschtennisspiller. Bei der zweeter Feier ginn Diplomer verdeelt un déi Schüler mat de beschte Fortschrëtter.

D'Zulma González, Responsabel vun den Atelieren, schreift:

„D'Feria de Logros ass net nëmmen do fir d'Geschéckerlechkeet an d'Fähegkeete vun de Schüler ze weisen, mee och fir vill aner mënschlech Wäerter ze vermëttelen, wéi d'Verantwortung, d'Pünktlechkeet, d'Zesummenaarbecht, de Respekt a virun allem d'Léift fir dat wat ee mécht. … An der Ausstellung iwwerhuele Jugendlecher d'Charge fir de Visiteuren d'Entstoe vun engem Produkt ze erklären. … D'Virbereedunge fir d'Fest fänken zwee Méint virdrun un; eng ad-hoc Equipe coordinéiert d'Organisatioun, mat der Ënnerstëtzung vum Direkter Don Oscar Pinto. D'Fest kritt en Thema, dat a Relatioun steet mat deem wat déi Jonk an den Ateliere léieren. Den 29. Juni war et „Welten exploréieren". Den Emfangsraum war entspriechend dekoréiert ginn: Raumschëffer, Astronauten, Rakéiten a Planeten, beweglech Wolleken a Stären, wat alles eng symbolesch Bedeitung huet: d'Astronaute fir d'Kanner, Jugendlech an Erwuessener déi an d'Ateliere kommen, d'Rakéiten a Raumschëffer fir d'Ateliere selwer déi Mëttele si fir de perséinleche Fortschrëtt, d'Planéite fir déi verschidde Fächer, an d'Stäre fir d'Ziler déi een erreecht huet. … Mir soe Merci eise Partner zu Lëtzebuerg an dem Personal vun der Fondatioun La Sagrada Familia fir hir Ënnerstëtzung, well ouni hir Hëllef wär et äis net méiglech, dës Zort vun Aktivitéiten ze maachen.

Eist Fest vum 29. Juni huet d'Ateliere vun der Funlasafa a méi Ecke vum Quartier bekannt gemaach. Vun do un bis September 2019 ass d'Zuel vun den ageschriwwene Schüler vun 240 op 298 erop gaang. Et freet äis ze wëssen, datt eis Aarbecht net ëmsoss ass. Eisen neien Atelier huet derzou gefeiert, datt en Dëschtennisclub mam Numm „Mini Pro Talent" gegrënnt gouf, dee scho gutt Resultater a mëttelamerikanesche Kompetitiounen erreecht huet.

Am August hu mer de Programm „Querer Es Poder" (Gärhunn ass Kënnen) lancéiert. Dee besteet doran, de Kanner aus de Schoule vum Quartier eis Ateliere gratis opzemaachen. Domatt hoffe mer, zu der integraler Entwécklung vun dësem extreem aarme Milieu bäizedroen."

An du koum 2020:
hei wat den Abbé Gloden doriwwer schreift:

Weltweite Coronavirus Pandemia

Viel mehr als eine Million Tote, Millionen und Millionen von infizierten Menschen, in allen Ländern der Welt. Ich erahne, wie es bei Ihnen in Luxemburg und in Europa aussieht. Eine Megakrise mit ihren vielfältigen Ausläufern, ein Grosskalvarium der Menschheit.

Auch El Salvador wurde stark, unerbittlich von dem aus weiter Ferne gekommenen brutalen Virus überwältigt.

Mehr als 49 000 Salvadorianer erkrankten bis jetzt fatal, über 2 500 starben daran. Im März wurde der Gesundheitsnotstand vom jungen Präsidenten der Republik Nayib Bukele ausgerufen. Das beinhaltete auch die unbefristete Suspendierung des Schulunterrichts. Im April wurde der Unterricht mit einem Programm „Ich lerne zu Hause“ virtuell wieder aufgenommen. Bis Ende des Jahre wird kein Präsenzunterricht mehr in den Schulen stattfinden.
Homeschooling war gefragt, aber wie und für wen? Viele arme und ärmste Kinder und

Jugendliche besitzen keinen Laptop, auch kein teures CellularHandy. In den ländlichen Gebieten ist die Qualität der Vernetzung schlecht, oft gibt es Strompannen. Manche Lehrer waren überfordert, nicht vorbereitet auf diese Situation und mussten weisse Flagge zeigen. Es gab Ausgangssperren, Busse fuhren keine mehr, Strassenverkauf wurde untersagt, das öffentliche und soziale Leben war und ist sehr eingeschränkt. Die Enge der kleinen und prekären Wohnräume beeinträchtigt zudem die psychische Gesundheit der Bevölkerung im Allgemeinen, und die der Kinder und Jugendlichen im Besonderen sehr stark. Häusliche und geschlechtsspezifische Gewalt, körperliche und sexuelle Übergriffe auf Kinder und Jugendliche nehmen zu. Menschen, die keine oder nur minimale Unterstützung erhalten, ignorieren die Regeln zur Eindämmung des Infektionsgeschehens. Sie verlassen ihre Wohnungen und suchen verzweifelt, Grundnahrunsmittel zu beschaffen. Sie gelten als die wichtigsten Infektionsherde.

Unsere Supplementarerziehung im Kinderhaus und in den Lehrwerkstätten lag einige Wochen brach. Momentan kommen wieder Jugendliche und einige Erwachsene etwas „undercover“ in unsere ‘’Talleres vocacionales‘’. Kinder leider noch nicht, da die staatliche Überwachungskommission CONNA das noch nicht gestattet. Wir hoffen, diese Kurse ab Januar 2021 wieder aufnehmen können. Momentan vom 15. November bis 15. Januar 2021 sind die großen Schulferien.

Durch Vorschrift der Regierung darf kein Personal entlassen werden, und es muss vollen Lohnausgleich geben.

Hier ist auch ein humanistisches Element dabei. Ohne diese Lohnfortzahlung müssten diese guten armen Menschen im Elend leben, in Dauerhunger mit

Familien. Als die Ausgangssperre gelockert wurde, konnten die Personalmitglieder, an verschiedenen Aktivitäte teilnehmen: Instandsetzen der Gebäulichkeiten und der Gartenanlagen; Vorbereitung und Verbesserung der Erziehungsprogramme für die nahe Zukunft, Ausschaffen eines neuen Projektes für das Kinderhaus usw. Viele folgten dem Angebot, wenn sie es dann schafften, ins Kinderhaus zu gelangen, manche zu Fuß, manche mit dem Fahrrad. Der öffentliche Transport funktioniert immer noch nicht.

Wenn ich Kinder und Jugendliche sehe, denke ich mit schwerem Herzen an ihre Zukunfts- und Lebenssituation, die nicht so rosig ausschaut!

www.digicash.lu

#1 **Scannez** ce QR Code DIGICASH
#2 **Indiquez** le montant de votre don
#3 **Validez** avec votre empreinte digitale ou votre code PIN

Kontakt

In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

In El Salvador:

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00503 79 25 06 18
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

https://www.facebook.com/hellefelsalvador

Impressum

El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).